



JIDDER EENZELEN ZIELT

NATIONALKONGRESS /// 19. MÄERZ 2016



CHRÄSCHTLECH-SOZIAL
VOLLEKSPARTEI

NATIONALKONGRESS

SAMSDES, DEN 19. MÄERZ 2016

AN DER MAISON DU SAVOIR /// ESCH-BELVAL

Léif Nationaldelegéiert, Léif Frëndinnen a Frënn,

Mir invitéieren Iech ganz härerlech op eisen Nationalkongress op Esch-Belval an der Maison du Savoir.

De Nationalkongress ass d'Geleeënheet fir de Bilan vun engem aarbechtsintensive Joer ze maachen, awer virun allem fir eis Partei fir d'Zukunft opzestellen. Mir wäerten d'Parteiféierung nei wielen an de Nationalkomitee erneieren.

Mat eiselem Éiregaascht, der Ministerpresidentin vum Saarland, Annegret Kramp-Karrenbauer, sinn Europa an d'Groussregioun wichteg Themen – dat an engem fir Europa entscheidende Moment.

No der Statutereform, déi mam ausseruerdentlechen Nationalkongress vum 5. Dezember 2015 ofgeschloss ginn ass, wäerte mir um Kongress iwwert d'Erneuerung vum Grondsazprogramm diskutéieren. D'CSV bleift eng Vollekspartei an eng Partei vu Wäerter. Mir wëllen eis Grondwäerter a Prinzipien nei formuléieren als kloere Leitfaden fir déi konkret Aarbecht am politeschen Alldag.

Da steet awer och déi politesch Aktualitéit am Méttelpunkt. Mir wäerte weisen, datt d'CSV déi besser Alternativen zur Regierungspolitik huet.

Mir freeën eis Iech de 19. Mäerz op Esch-Belval ze gesinn!

Laurent Zeimet
Generalsekretär

Marc Spautz
Parteipresident

DAGESUERDNUMG

8.00 AUER Aschreiwen an Umeldung vun de Kongressdelegéierten.
D'CSV servéiert Kaffi a Croissant.

8.45 AUER Begréissung duerch de President vun der CSV Esch Georges Mischo

1. ADMINISTRATIVEN DEEL

- 1.1. Opmaache vum Kongress duerch de Parteipresident Marc Spautz
- 1.2. Bezeechnung vum Kongresspräsidium- a vun der Wahlkommissioun
- 1.3. Aktivitéitsrapport vum Generalsekretär Laurent Zeimet
- 1.4. Rapport de Caisse vum Generaltrésorier Georges Heirendt
- 1.5. Interventioun vun de Keesserevisoren
- 1.6. Diskussioun an Adoptioun vun de Rapporten

2. WAHLEN

- 2.1. Virstellung vun de Kandidate fir déi statutaresh Wahlen
- 2.2. Wahl a getrennte Wahlgäng
 - vum Parteipresident
 - vum Generalsekretär
 - vun zwee Vizepresidenten
 - vum Generaltrésorier
 - vun aacht Membere fir de Nationalkomitee
 - vun zwee Keesserevisoren
 - vum Disziplinarrot
 - a Berufungsrot

3. POLITESCHEN DEEL

- 3.1. Ried vum CSV-Parteipresident Marc Spautz
- 3.2. Ried vun der Ministerpresidentin an CDU-Landesvorsitzende vum Saarland
Annegret Kramp-Karrenbauer
- 3.3. Presentatioun an Diskussioun vum Projet iwwer de Grondsazprogramm
- 3.4. Ried vum CSV-Fraktionspresident Claude Wiseler
- 3.5. Resolutiounen a Motiounen
- 3.6. Proklamatioun vun de Wahlresultater
- 3.7. Schlusswuert vum neie Parteipresident

GÉINT 14.00 AUER **ÉIEREWÄIN**



PRAKTESCH INFOEN

TRADUCTION SIMULTANÉE

Une traduction simultanée en français est assurée pendant toute la durée du congrès.

MËTTEGIESSEN

Et si Bréidercher op der Plaz disponibel.

ENG GARDERIE FIR D'KANNER ASS VIRGESINN

Mir bieden Iech Är Kanner um Tel. 22 57 31 - 1 virum 15. Mäerz anzeschreiwen.

PARKING

Parking baussen an ënnerierdesch „uni.lu“ (Beschëlderung uni.lu)

ËFFENTLECHEN TRANSPORT

- www.mobiliteit.lu
- www.cfl.lu (Arrêt Esch Belval)

WICHTEG

MATDEELUNG

Op dësem Dag, ass och „Portes ouvertes“ vun der Uni.
Fir den Accès an d'Maison du Savoir suivéiert d'Beschëlderung „uni.lu“


CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI

4, rue de l'Eau – L-1449 Luxembourg / Boîte postale 826 – L-2018 Luxembourg
TÉL 22 57 31-1 – FAX 47 27 16 – E-MAIL csv@csv.lu



CSV NATIONALKONGRESS
MAISON DU SAVOIR
ENTRÉE AUDITORIUM

>>> suivre fléchage uni.lu



Esch/Alzette